



Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6784 vun dem éierbaren Deputéierten Gusty Graas

Contrairement zu de reegelméisseg Käschten, kann eng Noutfaloperatioun un engem Déier eng eemoleg méi héich Rechnung mat sech bréngen. Dierf e Vétérinaire en Hausdéier zeréckhalen oder weiderverméttelen am Fall wou dës net direkt ka bezuelt ginn?

Am Fall vun enger Operatioun op engem Déier déi méi héich Käschten ervir rífft, huet de Besëtzer vum Déier e Recht op en Devis vun den Käschten bevir en seng Zoustëmmung zur Behandlung gëtt. Falls de Besëtzer der Behandlung zoustëmmt an no dëser d'Rechnung net bezilt d'äerf de Vétérinaire dat behandelt Déier zeréck halen bis d'Behandlung's Käschten bezuelt sinn respektiv en Bezuelung's Modus arrangéiert ass. Hien d'äerf d'Deier awer an kengen Ëmstänn weider verméttelen et sief dann den Besëtzer huet säin schrëftlechen Accord iwwert de Wee vun enger Verzichtung's Erklärung hei zou ofginn. Anerefalls huet de Vétérinaire d'Pflicht seech em dat Déier ze këmmere bis et erëm zeréck bei säin Besëtzer geet.

Ass dës Praxis dem Minister bekannt? Wa jo, wéi vill där Fäll gouf et iwwert déi lescht 10 Joer zu Lëtzebuerg?

Esou eng Praxis vun Verméttelen vun Deieren duerch Vétérinairen well d'Behandlungskäschten net bezuelt sinn ass dem Minister net bekannt.

Wéi problematesch gesäit den Här Minister dës Praxis am Kontext vun der aktueller Situatioun vun den Asyler an änlechen Etablissementer?

Falls et esou eng Praxis géif ginn wier déi problematesch well d'Déierenasyler schonn iwwerfüllt sinn mat Deieren déi duerch hier Besëtzer ausgesat respektiv se ofginn hunn well des hier Responsabilitéit géigeniwwer den Deieren net wëllen wouer huelen.

Wou kënnen d'Besëtzer vun dësen Hausdeieren punktuell Hëllef ufroen ?

An punktuellen Situatiounen kennen d'Besëtzer vun Hausdeieren sech un Déiereschutz Organisatiounen wenden déi deelweis bereet sinn verschidden Onkäschten fir Vétérinaire's Behandlung ze iwwerhuelen. Et sief och nach bemierkt dass et privat Assurancen gin déi géint d'Bezuelen vun enger Prime en Deel vun den Veterinärskäschten rembourséieren.

Lëtzebuerg, den 22. September 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN